

# Osweiler: 25. Journée vun de Jonge vu Gorodok

D'Jonge vu Gorodok hu sech den 18. Juni 1992, fir hir 25. Journée zu Osweiler erëm gesin. Eng Mass, déi vun de Gorodoker Jonge selwer gesonge gin as, gouf zelebréiert vum Abbé Reuter fir déi vill Komeroden, déi am Krich gefall, vermësst oder nom Krich gestuerwe sin. Eng Gerbe as beim Monument niddergeluecht gin als Erënnerung u si alleguerten. Zesumme mat hire Fraen hun d'Komeroden déi lescht Stroph vun der Hemecht gesongen. E gudde Menu as am Restaurant „Le Grillon“ zu Osweiler servéiert gin. Beim Dessert huet de Jempi Wolff, Organisateur vun all dene 25 Journeen e Rapport gemaach, an och un déi viru 50 Joer proklaméiert „Wehrpflicht“ mat all hire Suiten erënnert. Nomëttes war eng Visite vum Päiperlecksgaard zu Gréiwemaacher. Au revoir hun d'Komerode sech owens zu Bur, bei engem gudde Maufel a Pättchen, am Restaurant Lickes gesot. mb

208

25.



**Osweiler: 25. Journée vun de Jonge vu Gorodok**

D'Jonge vu Gorodok hu sech den 18. Juni 1992, fir hir 25. Journée zu Osweiler erëm gesin. Eng Mass, déi vun de Gorodoker Jonge selwer gesonge gin as, gouf zelebréiert vum Abbé Reuter fir déi vill Komeroden, déi am Krich gefall, vermësst oder nom Krich gestuerwe sin. Eng Gerbe as beim Monument niddergeluecht gin als Erënnerung u si alleguerten. Zesumme mat hire Fraen hun d'Komeroden déi lescht Stroph vun der Hemecht gesongen. E gudde Menu as am Restaurant „Le Grillon" zu Osweiler servéiert gin. Beim Dessert huet de Jempi Wolff, Organisateur vun all dene 25 Journeen e Rapport gemaach, an och un déi viru 50 Joer proklaméiert „Wehrpflicht" mat all hire Suiten erënnert. Nomëttes war eng Visite vum Päiperlecksgaard zu Gréiwemaacher. Au revoir hun d'Komerode sech owens zu Bur, bei engem gudde Maufel a Pättchen, am Restaurant Lickes gesot. mb

et gratuléiren:

M. Wolff
Georges Gret
Pierre Goerdert
M Wagner
Mr Welter
Schweich
M Michels
E. Kremer
Kinnen
Heppe